N°3707
Entrée le 27.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.03.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 27. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Digitaliséierung an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

De 27. Februar 2026 huet de Ministère fir Digitaliséierung an engem Communiqué informéiert, datt um System, deen déi mobil Geräter (Smartphonen an Tabletten) geréiert, déi vum Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE) administréiert ginn, eng Malware detektéiert gouf. De betraffene System gouf doropshi preventiv isoléiert, wat dozou gefouert huet, datt den Accès op déi intern Servicer vum Staat iwwer mobil Geräter zënter Donneschdeg Owend net méi disponibel ass.

Laut dem Communiqué bleiwen d'Servicer vum Staat zwar via Computer accessibel an operationell, d'Analysen zum Incident sinn awer nach amgaangen.

An deem Kontext géing ech follgend Froe stellen:

- Wéini genee ass d'Malware detektéiert ginn a wéi laang war de betraffene System méiglecherweis kompromettéiert?
- Ëm wat fir eng Zort Malware handelt et sech, a gëtt et Indicen, datt sensibel oder perséinlech Donnéeë betraff oder geklaut goufen?
- Sinn an dësem Fall och d'Geräter, déi vum Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE) geréiert ginn, notamment d'Tabletten, déi an de Schoulen am Asaz sinn, vun dëser Malware betraff? Wéi vill mobil Geräter a wéi eng Administratioune respektiv Ministèren si konkret vun dëser Mesure betraff?
- Wéi eng Sécherheetsprogrammer a Kontrollmechanisme ware bis elo fir d'Gestioun vun de mobilen Apparater am Asaz, a ginn déi lo en vue vum Incident iwwerschafft oder verstäerkt? Wa jo, wat ass konkret geplangt?
- Gouf d'Commission nationale pour la protection des données (CNPD) informéiert? Falls jo, mat wéi enge Conclusiounen?
- Wéi gëtt d'Kontinuitéit vum ëffentleche Service fir déi Fonctionnairen a Beamten assuréiert, déi am Alldag op mobil Geräter ugewise sinn?

Mat déiwem Respekt

Ben Polidori
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 3707 vum 27. Februar 2026 vum Här Deputéierte Ben Polidori.**

**Wéini genee ass d'Malware detektéiert ginn a wéi laang war de betraffene System méiglecherweis kompromettéiert?**

De 26. Februar 2026 ass op dem System, deen déi Mobil Geräter (Smartphonen an Tabletten) geréiert, eng Malware detektéiert ginn. De System ass e puer Stonne virun der Zoustellung vum leschten Update duerch de Fournisseur, Enn Januar, infizéiert ginn.

**Ëm wat fir eng Zort Malware handelt et sech, a gëtt et Indicen, datt sensibel oder perséinlech Donnéeë betraff oder geklaut goufen?**

Et handelt sech em e "Mémoire residente" Malware. D'Analysen hunn erginn, datt de Malware Zougrëff op d'Lëscht vun den Handyen a Tabletten, déi vum CTIE geréiert ginn, ginn huet. An där Lëscht sti souwuel Date betreffend de Notzer vum Device, ewéi och Informatiounen zum Apparat selwer. Daten, déi um Handy oder Tablette selwer stockéiert sinn, ewéi Messagen, Kalenner oder Fotoen, si vum Incident net touchéiert.

**Sinn an dësem Fall och d'Geräter, déi vum Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE) geréiert ginn, notamment d'Tabletten, déi an de Schoulen am Asaz sinn, vun dëser Malware betraff?**

Laut den Informatiounen, déi meng Servicer vum CGIE kritt hunn, ass dat net de Fall.

**Wéi vill mobil Geräter a wéi eng Administratioune respektiv Ministèren si konkret vun dëser Mesure betraff?**

Well de CTIE de betraffene System huet missen isoléieren an nei opsetzen, sinn all d'Mobile Geräter déi vum CTIE geréiert ginn, vun der Mesure betraff gewiescht. Am Ganzen handelt et sech em ronn 4850 Apparater.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Wéi eng Sécherheetsprogrammer a Kontrollmechanisme ware bis elo fir d'Gestioun vun de mobillen Apparater am Asaz, a ginn déi lo en vue vum Incident iwwerschafft oder verstäerkt? Wa jo, wat ass konkret geplangt?**

D'Sécherheetsmesuren déi en Place waren hunn erlaabt dass de CTIE direkt no der Detektioun, preventiv, de betraffene System isoléiere konnt. Aus Sécherheetsgrënn gi keng méi detailléiert Informatiounen iwwert d'Mesuren déi geholl goufe matgedeelt. Esou en Incident kann een ni komplett ausschléissen. Wéi bei all Incident wäert och aus dësem Tëschefall nei Erkenntnisser gewonne kënne ginn.

**Gouf d'Commission nationale pour la protection des données (CNPD) informéiert? Falls jo, mat wéi enge Conclusiounen?**

Direkt de 27/02/2026 gouf eng Notification préliminaire vum Incident un d'CNPD gemaach. D'Notificatioun un CNDP ass am weidere Verlaf komplettéiert ginn. Déi definitiv Konklusioune stinn nach aus.

**Wéi gëtt d'Kontinuitéit vum ëffentleche Service fir déi Fonctionnairen a Beamten assuréiert, déi am Alldag op mobil Geräter ugewise sinn?**

D'Servicer vum Staat ware permanent accessibel a komplett operationell, dëst souwuel iwwert de PC, mat dem all Beamte standardméisseg equipéiert gëtt, wéi och per Handy iwwert de "Webinterface".

Lëtzebuerg, den 24/03/2026.

D'Ministesch fir Digitaliséierung

(s.) Stéphanie Obertin